



**Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 7187
vum 15. November 2022 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.**

1. Wéi vill Infirmieren an Infirmièren hunn an deene leschte 5 Joer spezifesch Formatioune gemaach, fir sech an engem medezinesche Feld ze spezialiséieren?

Unzuel vun spezialiséierten diploméierten Infirmier'en an Infirmièren aus den leschten 5 Joer¹:

	2018	2019	2020	2021	2022
ATM de Chirurgie	6	5	5	9	8
ATM en Radiologie	3	1	2	5	7
Infirmier Anästhesist an Reanimatioun	12	14	10	11	11
Infirmier Pédiatrique	8	7	3	0	4
Infirmier Psychiatrique	7	6	0	8	6
Sage-femme	5	5	5	8	6

2. Wéi vill vun dëse Persoune schaffen, Stand November 2022, an deenen Domainer, fir déi si speziell Formatioune gemaach hunn?

D'Spideeler ginn gefouert wéi privatrechtlech Betreiber. Informatiounen iwwert déi genannten Persoune leien dem Gesondheetsministère net vir.

3. Ginn et fir déi verschidde Statiounen an de Kliniken, zum Beispill d 'Maternité, d 'Radiologie asw., Virgab, wéi vill Prozent vum Personal vun där Statioun mussen speziell Formatioune gemaach hunn?
- Wa jo, wéi eng Virgabe sinn dat?

D'Budgetéierung vun ETP fir déi verschidden Servicer ginn vun der paritéitescher Commission des Normes FHL /CNS festgehalten an sinn ënner folgendem Link noliesbar: [CNO-001-21-Rapport-de-la-CNO-normes-definitivement-retenues-2021-2022.pdf \(fhlux.lu\)](https://www.fhl.lu/IMG/pdf/CNO-001-21-Rapport-de-la-CNO-normes-definitivement-retenues-2021-2022.pdf)²

¹ <https://www.ltps.lu/centres-de-formation/le-lycee-en-chiffres.html> consulté le 01.12.22



Spezialiséiert Personal gëtt an deenen verschiddenen Servicer agesat do wou déi Spezialisatiounen gebraucht ginn a esou wéi d'Commission des Normes et virgesäit.

D'Ausbildung vum Infirmier/Infirmière deckt verschidden Attributiounen of fir déi spezialiséiert Infirmier'en an Infirmièren och agesat ginn. Dofir gëtt et z.B. an enger Reanimatioun och Infirmier/Infirmière Anesthesist déi, laut hiren Attributiounen, do agesat ginn.

4. Wéi vill Mataarbechter mam Statut Travailleur handicapé sinn aktuell an deenen eenzele Spideeler agestallt?

5. Wéi presentéieren sech dës Zuele par Rapport vun der Gesamtzuel u Personal pro Spidol?

Fir Februar 2020 louch d'Unzuel vun den Salarieëen mam Statut "travailleur handicapé" déi am Spidolssecteur schaffen, op 101. Dat maachen ronn 1,1% vum Total vun de Leit aus déi am Spidolssecteur schaffen (ronn 9.300 Leit fir Februar 2020).

Den Statut vum 'Travailleur handicapé' gëtt vun der ADEM géréiert sou datt den Gesondheitsministère keng Informatiounen dozou huet.

D'Unzuel vun den Travailleurs handicapés gëtt vun den verschiddenen Spideeler un d'CNS weider ginn.³

6. Wéi vill Infirmieren an Infirmière mam Statut vum Travailleur handicapé hunn an deene leschte 5 Jore Formatioun gemaach, fir sech an engem medezinesche Feld ze spezialiséieren?

7. Wéi vill vun dëse Persounen schaffen, Stand November 2022, an deem medezinischen Beräich an deem si Formatioun gemaach hunn ?

D'Aschreiwungen an den Formatiounen ginn vum Lycée Technique pour Professions de Santé géréiert. Dem Gesondheitsministère leien heizou keng Zuelen vir.

Lëtzebuerg, den 15. Dezember 2022
D'Gesondheitsministesches
(s.) Paulette Lenert

³ [CNO-001-21-Rapport-de-la-CNO-normes-definitivement-retenues-2021-2022.pdf \(fhlux.lu\)](#), S.89-90